Experiment 2: Mëllech homogeniséieren

Beim Homogeniséieren gëtt d'Mëllech mat héijem Drock duerch kleng Düse gepresst. Doduerch ginn d'Fettkugele vun der Mëllech zerklengert an anescht verdeelt. Bäi homogeniséierter Mëllech setzt sech keng Ram méi op der Mëllech of.
Mat dësem Experiment kanns du erausfannen, wéi sech d'Fettkugele veränneren. Fir besser ze gesi wéi d'Fettkugele sech veränneren benotzten mir awer Waasser aplaz Mëllech.

Du brauchs:
eng Sprayfläsch, e Gebeessglas mat Deckel, en Triichter, Waasser, en Iessläffel Ueleg

Dat muss du maachen:
1. Fëll Waasser an d'Glas.

2. Schëtt den Ueleg an d'Waasser. Wat gesäis du?

_____

_____

_____

3. Maach den Deckel op d'Glas a rësel d'Glas gutt.

4. Stell d'Glas erëm op den Dësch. Wat gesäis du?

_____

_____

_____

5. Schëtt lo déi Mëschung aus dem Glas an d'Sprayfläsch (mat Hëllef vum Triichter).

6. Maach d'Fläsch zou a rësel se gutt.

7. Sprëtz lo de ganzen Inhalt zeréck an d'Glas. Wat gesäis du elo?

_____

_____

_____